LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°2703 vum 30. Juli 2025 vun den éierewäerten Deputéierten Här André Bauler an Här Gusty Graas iwwert d' "Protection des eaux et des sources d'eau"**

**1. Wéi gesäit den Här Minister den aktuellen Zoustand vun eise Quellen a vun eise Gewässer?**

Duerch déi topographesch Lag vu Lëtzebuerg, op der Waasserscheed tëschent Rhäin a Meuse, hu mir virun allem kleng Gewässer matt engem klengen Anzugsgebidd déi relativ wéineg Offloss generéieren. Kleng Gewässer sinn ëmsou méi empfindlech op Verschmotzungen an Drécheperioden. Zousätzlech sinn d'Gewässer engem ganz héije Siedlungsdrock ausgesat an d'Waasserqualitéit gëtt duerch eng sëllegen Aktivitéiten aus ënnerschiddleche Beräicher wéi Industrie a Landwirtschaft impaktéiert.

Laut de Krittäre vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn erreecht aktuell kee vun den 106 Uewerflächewaasserkierper de gudden ökologeschen Zoustand a nëmmen d'Hallschent vun de 6 Grondwaasserkierper sinn an engem gudden Zoustand.

Trotz dëser Bewäertung, huet sech den Zoustand vun eise Quellen a Gewässer verbessert. Duerch Renaturéierungen vun de Gewässer, dem Bau an der Moderniséierung vun den Ofwaasserinfrastrukturen, a Moossnamen zum Schutz vun den Drénkwaasserressourcen ass d'Waasserqualitéit an de leschten 20 Joer a ville Baachen a Fless däitlech besser ginn.

**2. Wéi eng Mesuren, vun deenen een sech mëttelfristeg eng Verbesserung vun der Waasserqualitéit erwaarde kann, sinn amgaangen ëmgesat ze ginn oder goufe schonn ëmgesat ?**

Fir eng Verbesserung vun der Waasserqualitéit ze erreechen, ginn aktuell eng ganz Rei vu verschiddene Moossnamen ëmgesat. Des Moossnamen baséieren sech virun allem op den 3. Waasserbewirtschaftungsplang[1] souwéi den 3. Nationalen Naturschutzplang[2] (PNPN3) oder och op d'Klimaupassungssstrategie[3].

D'Renaturéierung vun eise Gewässer an d'Restauratioun vun hire Quellen sinn zentral Elementer heifir. D'Gewässer an hir Quelle ginn duerch geziilte Schutz- a Restauratiounsmoossnamen géint divers Drockfaktoren geschützt. Schutzsträifen an eng natierlech Gestaltung vun den Ufer an dem Gewässerëmland droen dozou bäi, d'Qualitéit vun eise Gewässer ze erhalen. Dës Moossnamen si net nëmme positiv fir d'Waasserqualitéit ze verbesseren, mee hëllefen och fir den Héischwaasser-Risiko ze reduzéieren.

Zousätzlech ginn technesch Verbesserungen am Ofwaasserberäich, wéi beispillsweis der Behandlung vum Ofwaasser, ëmgesat. D'Moderniséierung vun de Kläranlagen an d'Trennung vun Ofwaasser- a Reewaassersystemer droen dozou bäi, dass manner Schuedstoffer an d'Gewässer kommen. Hei spillt de Bau vu Reeniwwerlafbecken eng wichteg Roll. Si suergen dofir datt d'Waasser no vill Reen ofgepuffert

[1] https://eau.gouvernement.lu/dam-assets/administration/documents/3-cycle/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final/3-bewirtschaftungsplan-nach-wrrl-2021-2027.pdf
[2] https://environnement.public.lu/content/dam/environnement/documents/natur/biodiversite/pnpn/pnpn-version-3.pdf
[3] https://environnement.public.lu/fr/klima-an-energie/changement-climatique.html

op d'Kläranlag weidergeleet gëtt. Besonnesch an urbanen Zonen ass dëst eng zentral Erausfuerderung, déi mat héijen Investitioune verbonnen ass.

D'Ausweisung vu Schutzzone ronderëm Quellen a Buerungen, déi fir d'Produktioun vun Drénkwaasser genotzt ginn, ass di lescht Joren ëmmer weider gaangen, sou dass mëttlerweil fir ronn 80% vun dem produzéierten Drénkwaasser Schutzzonen bestinn. Donieft besteet eng regional Zesummenaarbecht fir fräiwëlleg Moossnamen an dëse Schutzzonen a speziell am landwirtschaftleche Beräich ëmzesetzen.

Eng aktiv Zesummenaarbecht tëscht all de betraffenen Acteuren, wéi zum Beispill mat de Gemengen, ass néideg fir eng nohalteg Verbesserung vun der Waasserqualitéit ze erreechen.

**3. Wéi vill Sue goufen an de fënnef leschte Joer fir de Quelleschutz, de Waasserschutz a fir Renaturéierunge vu Flëss a Baachen investéiert?**

Tëschent 2020 an 2024 huet d'Regierung iwwert de *Fonds pour la gestion de l'eau,* dee vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit geréiert gëtt, folgend Ausgaben gehat:

- Quellen an Drénkwaasserschutz : 3,39 Milliounen Euros
- Oofwaasserbehandlung an Reewaassergestioun : 252,96 Milliounen Euros
- Renaturéierungen an Héichwaassermoossnamen: 25,09 Milliounen Euros
- Etuden, Fuerschung- a Pilotprojeten: 10,06 Milliounen Euros

Zousätzlech zu den Ausgaben vum *Fonds pour la gestion de l'eau*, hunn d'Gemengen och ganz vill Suen am Waasserberäich investéiert. Den uewegenannt Fong co-finanzéiert nämlech déi meescht Projeten. Jee no Kategorie vu Projet variéiert dëse Co-Finanzéierungstaux sou wéi en am Artikel 65 vum Waassergesetz festgehalen ass (*loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau*): bis zu 33% fir Reewaassergestioun, 50% fir Ofwaasser- an intercommunal Drénkwaasserinfrastrukturen, 75% fir Moossnamen an den Drénkwaasserschutzzonen, 90% fir Héischwaasserschutzmoossnamen an bis zu 100% fir Renaturéierungsmoossnamen, Etuden an Pilotprojeten.

**4. Wéi vill Projete sinn de Moment nach ënnerwee?**

Detailer zu der Ëmsetzung vu weidere Moossnamen, fënnt een am Tëschebilan zu der Ëmsetzung vun de Moossnamen aus dem drëtte Waasserbewirtschaftungsplang[4] dee Mëtt vun dësem Joer publizéiert gouf.

**5. Aus wéi engen Ursaachen kënne Renaturéirungen, déi scho jorelaang geplangt sinn, net ëmgesat ginn?**

D'Ëmsetzung vu Renaturéierungsprojete stellt eng komplex Aufgab duer, déi vu ville Faktoren ofhänkt. Dëst erkläert sech duerch verschidde strukturell, technesch an administrativ Ursaachen.

Den heefegste Grond firwat d'Ëmsetzung vun esou Projete vill Zäit brauch ass d'Verfügbarkeet vun den Terrainen. Vill Projeten erfuerderen d'Acquisitioun oder den Zougang zu privaten Terrainen. Dëst ass oft

[4] https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/3e-cycle-(2021-2027)/progres-de-mise-en-oeuvre.html

mat laangen Diskussiounen mat de Besëtzer verbonne fir dësen den Terrain kënnen ofzekafen oder ze benotzen. Zousätzlech erfuerdert all Projet eng enk Koordinatioun mat Gemengen, Partner an anere betraffenen Autoritéiten.

Déi technesch Komplexitéit vu Renaturéierungsprojeten erfuerdert oft detailléiert Studien, wat d'Planung an d'Ausschreiwung vun den eenzelne Projete verlängeren, besonnesch wann innovativ oder multifunktional Léisungen ugestrieft ginn. Och finanziell Aspekter spillen heiansdo eng Roll. Dofir ass et wichteg ze ënnersträichen datt de *Fonds pour la Gestion de l'eau* vum Ëmweltministère, Renaturéierungsprojets co-finanzéiert, a jee no Projet bis zu 100% vun de Käschten kann iwwerhuelen.

Et ass ze präziséieren, datt bei der Ëmsetzung vu Renaturéierungen meeschtens d'Gemenge Bauhär sinn. Dowéinst hänkt d'Ëmsetzung vun Projeten zousätzlech och vum Engagement an Matwierken op kommunalem Niveau of. D'Waasserverwaltung begleet an ënnerstëtzt d'Gemengen bei der Virbereedung an der Ëmsetzung vun dëse Projeten.

Am Kontext vum Klimawandel, ass et wichteg fir Renaturéierungsprojeten méi séier a méi effizient ëmzesetzen. Fir dëse Erausfuerderunge gerecht ze ginn, invitéiert de Ministère am November op en Renaturéierungsdësch. Dësen soll eng gemeinsam Dynamik an d'Weeër leeden, fir deementspriechend déi néideg Instrumenter ze schafen.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit